1-2021-0-9-6408-01 (n°3642)

adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Jeff Engelen

Lëtzebuerg, den 9. November 2021

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- a verschiddene Länner vun der Europäescher Unioun de grénge Feil, also d'Méiglechkeet, trotz rouder Lut ënner verschiddene Bedingungen no riets (oder no lénks) kënnen ofzebéien, an ënnerschiddlecher Form a bei ënnerschiddlecher Gesetzeslag besteet, sou beispillsweis an Däitschland, Polen, Frankräich, Rumänien, Tschechien an Éisträich;
- datt sech vill Kräizunge fir eng separat Rietsofbéireegeleng eegne géifen;
- d'Aféierung vum grénge Feil zu Lëtzebuerg vill Virdeeler fir de Stroosseverkéier mat sech brénge géif: d'Autofuerer géifen Zäit gewannen; et wär manner Kaméidi; de Brennstoffverbrauch wär manner héich an doduerch géif et manner $CO_2$-Ausstouss; de Risiko fir e Stau kéint reduzéiert ginn, asw.
- d'Aféierung vum grénge Feil am Géigesaz zu anere Verkéiersreegelungen ee gerénge finanziellen Opwand duerstellt;

ass sech bewosst, datt

- een erhéichten Accidentrisiko duerch d'Aféiere vum grénge Feil net besteet, well den Autofuerer verschidde Reegelen anhale muss, fir kënnen trotz rouder Lut no riets ofzebéien: Hie muss de Quer- a Géigeverkéier iwwerpréiwen an allen anere Verkéiersacteuren de Virrang iwwerloossen, ier hien no riets (oder lénks) ofbéie kann;
- duerch d'Aféierung vum grénge Feil de Kollisiounsrisiko souguer reduzéiert kéint ginn, well et doduerch net zu Réckstau kënnt;
- u Kräizungen, déi un engem Schoulwee leien, keng gréng Feiler installéiert sollte ginn, well hei, obschonns de Chauffeur op Foussgänger oppasse muss, de Risiko besteet, datt hien een oder méi Schüler, déi sech net un d'Verkéiersreegelen halen, méiglecherweis iwwersäit an et esou zu engem Accident komme kann;
- och bei kräizendem Zuchverkéier d'Opstelle vun engem grénge Feil Risike mat sech brénge kann;

fuerdert d'Regierung op,

- de grénge Feil hei am Land an den „Code de la Route" opzehuelen.

Jeff Engelen

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**